

Spezifesch Adaptatiounen un d'sanitärt Konzept vum SNJ am Kader vum COVID-19

Base Nautique Lultzhausen

Version : 29.10.2020

Temporär sanitär Recommandatiounen:

All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen. De SNJ kann net verantwortlech gemaach gi falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

Maskepflicht:

Um gesamte Site vun der BNL gëllt grondsätzlech bannen am Gebei wéi och baussen Maskepflicht.

D'Maskepflicht ass opgehewen:

- Sëtzend beim lessen mat maximal 4 Persounen pro Dësch.
- Sëtzend bei Réuniounen oder Formatiounen bis maximal 4 Persounen.
- Bei spezifesch festgeluechten Ausnamen.

D'Gruppe ginn am Virus informéiert dass si musse Maske matbréngen. Am Sekretariat kritt ee Masken zur Verfügung gestallt falls Een eng nei brauch.

Circulatioun um Site:

Grondsätzlech soll d'Circulatioun um Site op ee minimum reduzéiert ginn an ee Kräize vu Gruppen evitéiert ginn. Et gi keng virgeschriwwen Circulatiounsweeër um Site.

Affichage:

Affichë fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen...) sinn um ganze Site ausgehaangen.

Hänn Wäschen / Desinfizéieren:

Et muss een sech Reegelméisseg (beim Betriede vum Site, virun enger Aktivitéit, virum lessen...) seng Hänn Wäschen oder desinfizéieren. Nierft de Sanitäre steet zousätzlech e Wäschtrach an Desinfectantspender op verschiddene Plaze vum Site zur Verfügung. Desinfectant fir Surfacë kann ee beim Service Technique zur Verfügung gestallt kréien.

Botzen:

All d'Vestiaire ginn all Dag vun enger Botzfirma gebotzt. D'Bureau'en emol an der Woch. All aner Raim déi vu Gruppe genotzt ginn, mussen no hirem Openthalt vun enger Botzfirma gebotzt ginn.

Lëften, Ventilatioun:

All benotzte Raim mussen reegelméisseg geléift ginn. Verschidde Fënstere goufen entspaart esou dass een se grouss kann opmaachen, dëst awer just ënner Opsicht vun engem Erwuessenen. D'Baussendiere vun de Gebaier dierfe fir ze Lëfte blockéiert ginn, Bannendieren dierfe grondsätzlech net blockéiert ginn.

Openthaltsraum:

All Grupp kritt ee Vestiaire mat Toiletten an no Besoin eng Plaz fir d'Mëttesstonn fir d'Zäit vu sengem Openthalt zougedeele. Jee no Disponibilitéit ass et och méiglech am Virus weider Raim oder Plazen derbäi ze buchen (Grillplaz, Salle de Cours, Buvette).

Gruppe sollen sech während hirem Openthalt an ausserhalb den Aktivitéiten nëmmen an hiren zougewisene Raim/Plazen ophalen. D'Raimlechkeeten an d'Plazen däerfen ëmmer just vun enger Grupp benotzt ginn a mussen no all Benotzung gebotzt ginn.

Ab 10 Persounen an engem Raum, muss zousätzlech zur Mask eng Distanz vun 2m agehale ginn. Beim Emstellen vum Mobilier (Still an Descher) vum Utilisateur mussen des Distanzen respektéiert ginn.

- Maximal Gruppegréisst pro Raum (setzend): 4 Persoune pro Dësch, Buvette: 5 x 4 (max. 20 Persounen), Salle de Cours: 6 x 4 (max.24 Persounen)

Sanitären:

Gruppen dierfen nëmmen déi hinnen zougedeelte Sanitäre benotzen.

Sèche-cheveux dierfe just mat Mask genotzt ginn. Sèche-mains sinn ausgeschalt an dierfen net benotzt ginn. Fir seng Hänn ofzedréchne steet Pabeier zur Verfügung.

Kichen a Buvette:

D'Kiche mussen no all Benotzung vum Utilisateur gebotzt ginn. Benotzte Kichematerial, lessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarem Waasser a Spullmëttel gespult ginn. lesswueren am Frigo mussen zou verpaakt gelagert ginn.

Sekretariat:

D'Sekretariat soll wann méiglech just vun de Responsabele vun de Gruppe betruede ginn, an d'Sekretariat dierf maximal eng Persoun gläichzäiteg.

Gruppegréisst:

Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 30 Participante ënnert Anhalen vun den aktuellen Mesuren limitéiert. Fir Konferenzen ergëtt sech déi maximal Gréisst aus der Kapazität vun deene gebuchte Raim.

Arrivée vum Grupp:

D'Encadrants vun der BNL deelen d'Gruppen an déi definéiert Raimlechkeeten an.

Aktivitéiten:

D'Aktivitéite goufen de Covid-Mesuren ugepasst. Déi ugepasste Mesurë stinn an der Annexe.

lessen:

E Grupp kann säin eegene Picknick matbréngen. Picknicke mussen d'Gruppen op hirer zougewisener Plaz/Raum, et dierfe maximal 4 Persoune pro Dësch sëtzen. Gruppe mussen hier eegen Drénkbidone matbréngen.

Personal:

D'Personal vun der BNL kennt d'Concept Sanitaire an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepasst. D'Verhaltensreegelen an d'Organisatioun vum Personal sinn an enger Nott interne festgehalten.

Verdacht op Covid 19:

Weist eng Persoun Symptomer op, muss des Persoun vum Grupp isoléiert ginn a vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun ofgeholl gëtt kann se an engem dofir virgesinne Raum waarden (Vestiaire Respo A um Rez-de-Chaussée).

Tracing:

Fir de Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun allen Participanten an Encadreuren. Dës Lëscht muss de Responsabele vum Grupp am Sekretariat ofginn. D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalten an duerno zerstéiert.

Annexen:

Mesuren op den Aktivitéiten